Männerdiskriminatioun (7/11/2006)

Commentaire:
Danièle Weber, RTL Radio Lëtzebuerg

———————————————————

Et kéinten engem bal Tréine kommen, wann een dem Fernand Karthäiser vun der Association des Hommes du Luxembourg - kuerz AHL - am Telesreportage nokuckt, wéi heen iwwert d'Diskriminatioun vu Männer zu Lëtzebuerg verzielt. Männer wären oft ënnerleeën - och wa se méi staark sinn - hee wéisst vun engem Fall, wou ee Mann vu senger Fra geschloe gouf, während hee geschlof huet.
Een, deen do net wakreg gëtt, a sech wiert, deem ass vläicht wierklech net gutt ze hëllefen. D'Associatioun vun de Lëtzebuerger Männer huet natierlech nach ganz aner Beispiller vu brutaler Männerdiskriminatioun op Lager. Virun allem vu gescheedte Männer - mee och soss. D'Situatioun wär am gaang ze kippen, heescht et - an dat zu Ongonschte vun de Männer.
Allerdéngs gëtt och op anere Plazen en ähnleche Langage geschwat - zum Beispill op der Präsentatioun vum éischte Weltmännerdag zu Lëtzebuerg. Do wousst d'Chancegläichheetsministesch vun engem Hausmann, ze zielen, dee mat senge Kanner an d'Crèche oder op d'Spillplaz geet, an do vun de Frae guer net bekuckt oder ugeschwat gëtt. Oder de Fall vun engem Papp, dee säi Puppelchen huet missen op enger Dammentoilette frëschmaachen, wëll op der Härentoilette kee Wéckeldësch war.

Weem bei esou schroe Beispiller vu Männerdiskriminéierung d'Tréine kommen, dee sollt sech am beschten ee ganze Pak Nueschnappescher prett halen, wann e sech déi aner Säit ukuckt. Den Statistiken no ass nämlech glat näischt ëmgekippt - et huet mol nach net net ugefaang sech ze beweegen. Manner an der Pei, manner Chance Chef ze ginn oder soss d'Leeder eropzeklammen, iwwerhaapt manner Chancen, eng Aarbechtplaz ze kréien, vill méi staark vertruede bei den RMGisten a bei den Allengerzéier - datt d'Realitéit fir Fraen hei am Land nach ëmmer esou an net aanescht ausgesäit, ass kee Geheimnis.

Mee därs si mer vläit e bësse midd - well dat ass jo schonn - trotz all deenen hallefhärzesche Mesure fir Fraen ze pushen - zënter Joeren esou.

Also entdecke mer elo eis Männer emol ganz anescht - an dat mécht eben och d'Chancegläicheetsministesch. Schliisslech muss een - souguer wa se do an der Minoritéit sinn - och un déi männlech Wieler denken. D'Marie-Josée Jacobs gëtt net midd, drop hinzeweisen, datt net nëmme Fraen, mee och Männer doheem geschloe ginn. Zeng Prozent vun den Affer sinn effektiv Männer - a si wär iwwerzeecht, datt d'Donkelziffer vun de geschloene Männer nach vill méi héich ass, sou d'Ministesch. Esou enger Analyse aus dem Bauch eraus kéint een natierlech entgéint sëtzen, datt d'Donkelziffer bei den Frae méiglerchweis genee esou héich ass.
Oder et kéint een drop pochen, datt ëmmerhin 90 Prozent vun deenen, déi schloen, Männer sinn.

Oder awer - et kéint een - dann allerdéngs op engem manner populisteschen Niveau - iwwert d'Ursaache vu Gewalt diskutéieren.
Dat selwescht beim Scheedungsgrecht. Amplaz ze kräischen, kéint ee konstruktiiv Propose maachen. Wéi vill Pappen, déi no enger Reform méi Rechter kruten, wierklech schaarf drop sinn, sech méi ëm hier Kanner ze këmmeren, gesi mer dann. En attendant kéint d'Ministesch mol aner Zuelen an d'Diskussioun bréngen - zum Beispill wéivill Frae sech am Ablack, ouni vill Ennerstëtzung aleng mat hiere Kanner

duerchschloe mussen - mee dat wär, wéi gesot, eng Diskussioun op engem aneren Niveau.